Bilan Advent 2006

- **Reklam/Bestellung/Reservatioun**
  + flotten Site um Internet: gudd a praktesch
  - Qualitéit vun de Fotoen war net sou gudd -> Cynthia froen!
  ! op der Homepage och Remark maachen, dass nach Leit sech melden kënnen fir ze hëllefen
  ! kleng Flyeren fir am Bistro, Geschäftewr, Bäcker,.... hinzeleen
  ! Bezuelen iwwer Internet ???
  ! Reklamm a Vente am Internet méi fréi ufänken

- **Organisatioun/ Invitatioun/ Datumer**
  - Ass d'Vereinshaus d'nächst Joer nach do?
  + Organisatioun an allem ok
  + et freed een sech op d'Invitatioun, well dat géiof engem fehlen
  + dat anert Joer sin ech erem derbäi, wann d'Gesondheet et zouléisst
  + un der Organisatioun ass naischt auszesetzen, alles paletti
  + Kalenner ass kloer: tipptopp
  + Op der Schaffplaz eng Lëscht, wat als 1. soll gemaache gin an wat schon gemaach ass: tipptopp - > fir net ëmmer d'Sonja ze nerven : "Wat mussen mer elo maachen?"
  + Datum fir d'Preparatioun vun de Modeller, war fréi festgeluecht

- **Preparatiounen beim Nelly**
  + ëmmer gudd. E Bravo fir di gudd Organisatioun
  + Super – sinn erem derbäi
  + flott dass schon beim Preparéieren vun de Këschten nei Leit derbäi waren
  + d'Ambiance ass ëmmer super, d'gët vill gelaacht
  - dass meng Mamm net vill doheem war, awer heiansdo sinn ech matgaang.
  - wann Schnéi fällt ass d'Strooss ellen fir erem heem ze fueren
  ! villäicht nees méi peschen, anstatt am Vereinshaus souvill färdeg ze maachen -> déi Idee ass gudd

- **Sträiss maachen**
  + sinn frou erem derbäi ze sin
  mer sin derbäi, d'nächst Joer / ech sin derbäi
  + et geet nach fir 1,2,3, ...? Joer duer an dann?
  + et waren vill Kanner derbäi
  + et war genuch (esouguer e bëssen zevill) Grings!
  - kann leider net méi derbäi sin
  - et waren vill reng Sträiss, déi falen leider séier of, wann een de Kranz an der Stuff huet.
  - d'Dännen ginn ëmmer méi grouss an dowéinst gët d'Material net besser -> eng alternativ Plaz sichen
  ! Mer brauchen eng 2.Schnëttbox!
  ! mir sollten och mat de Fiechter zesummen nei Dännen uplanzen, fir d'Zukunft ze secheren an aus pädagogeschen Zwecker

- **Am Veräinshaus: Weckelen / färdeg maachen**
  + et waren regelmässeg Leit do fir ze schaffen. Zäitweis esouguer richteg vill! Dat mecht Courage fir weiderzemaachen.
  - weckelen: 150 ass d'LIMIT oder méi Leit -> wou setzen mer dann all Leit hin?

- et wier gudd wann jidfereen seng Plaz um Dësch raumt, wann en färdeg ass. Dann kann den nächsten direkt ufänken an muss net fir d'éischt nach raumen.
! den 1.Dag méi Kräntz weckelen
! Villäicht geet et méi séier, wann een (wen?) d'Streiss all ee Wee leet, da brauch een net esou laang ze tësselen.
! Kettenaarbecht, fir d'Kränz méi schnell färdeg ze hun -> ne, mer sin keng Fabrik, mat Flieessbandaarbecht!
! Iwwerdriwwen Organisatioun ass net gudd -> Improvisatioun ass menschlech an och positiv

- **Arrangementer**
- **Dierkränz an Wesch**

! méi fir opzehänken!

- **Verkaf am Tipi/ um Maart / bei der Kierch / op der ESSO**

+ beim Carlo ass nach en Deel Saachen fortkomm
+ um Moart ass gudd Pub, och wann do net vill verkaft gët
! um Advents-Hobbymaart an der Sportshal -> ass schon eng Woch méi fréi!
! beim Match
! Reklamm an Prévente um Internet méi fréi ufänken

- **Ravitaillement (Iessen an Gedrenks)**
  - ***Samsdeg am Bësch an dono***

+ war gudd dass Téi do war, awer méi Kanen! ->kalt Wierder
+ Iessen war ganz gudd
- nët genuch Gedrenks um Bierg: d'Kanner mussen vill schaffen, dann sollen se och op d'mannst Wasser kréien
- di traditionnel Mëtschen hunn gefehlt

  - ***beim Weckelen a während der Woch***

+ Kuch a Séisses war ok
+ ei ëmmer de Feenkuch
- séisses ewech loossen
- ass Feenkuch net zevill Stress fir d'Nelly, viläicht sollten nach aner Leit baken
- mer hunn keen Cognac kritt -> d'Fläsch war awer eidel!
! grouss Waasserbidoen vun 5-10l , besser wéi kleng Fläschen!

- **Raumen an botzen an Hin- an Recktransport**

+ et waren vill Leit Freides Owes do fir ze raumen
+ gring Poubellen vun der Gemeng
+ den Hexler war eng gudd Idee
+ et war eng gudd Ennerhalung trotz der schx@# Aarbecht

! Hexelmaschin ass wichteg beim Raumen
! méi greng (+4) an och blo (+2) Dreckskëschten bei der Gemeng bestellen

op der Muermeldéierfeier waren:

Raymond, Nelly, Madeleine, Milly, Vicky, Dan, Vanessa, Kirstin, Georges S, Maff, Samantha, seng Mamm, sein Papp, seng 2 Bridder, Arlette, Ayko, Mich, Marie-Lou, Christiane Ewerling, M et Mme Dahm, Gisèle, Sté, Romain, Laurent, Daniel R., Scarlett, Charlotte, Lucie, Sonja, Georges L, Ben, Michelle, Christiane S., Biggi, Alain, Rita , ... , RaRo (Laurent, Mich, Dan) an CaraPio (Jemp, Pit, Keven, ...) di och nach den Kéis an d'Gromperen gemaach hunn -> MERCI

Adventskränz:

40 verschidden Modeller – 15 verschidden Faarwen vun Kärzen

207 Kränz gemaach an verkaf – 147 geweckelt/ 60 Nobilis

38 Bestellungen iwwert internet, deelweis méi wéi 1 Kranz
44 Bestellungen beim Arlette

Arrangementer/ Dierdeko:

37 gemaach - Räscht 4

Dierkränz gemaach: 29 – Räscht 1
Dierbogen gemaach 6 – Räscht 2
Dierwesch gemaach 10 – Räscht 2